N°1991
Entrée le 28.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Virun de Walen war d'Steierdebatt ee vun den Haaptthemen an der politescher Aktualitéit. D'Aktualitéit vun der Steierreform gouf awer, zënter dem Untrëtt vun dëser neier Regierung, vun der Pensiounsdebatt ofgeléist, obwuel et an de Walen wéineg bis guer keen Thema war.

Een Thema, wat beim Pensiounsfong an de leschte Joren virun allem behandelt gouf war, wéi d'Suen vum Fong sollen investéiert ginn. Iwwert 20 Milliarden Euro gi vum Pensiounsfong verwalt.

An der Vergangenheet gouf et Kritik, dass d'Suen a schiedlech Projeten investéiert ginn, dorënner zum Beispill Atomenergie oder d'Waffenindustrie. D'Ministesch schreift an der Äntwert op eng parlamentaresch Fro n°434, dass haut 100% vun de Mandater vum Pensiounsfong mat engem nohaltëgen Usaz verwalt ginn.

An engem Artikel op rtl.lu vun haut gëtt beriicht, dass de Pensiounsfong an Zukunft erëm an 18 Societéiten dierf investéieren, dorënner beispillsweis Rëschtungskonzerner ewéi Rheinmetall AG oder Hensoldt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi kënne déi Leit maachen, déi net domadder averstane sinn, dass hir Cotisatiounen a Rëschtungskonzerner investéiert ginn?
2. Wéi stinn d'Ministesch an d'Regierung zu engem System, an deem de Bierger selwer bestëmme kann (zum Beispill mat engem Klick op myguichet.lu), ob de Pensiounsfong seng Cotisatiounen an ethesch a klimafrëndlech Projeten investéiert oder net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten